WAT äntueren?

# Ech wëll der Boma kee Kuss ginn! Muss ech awer?

**6-9 Joer**

## Eng Fro vun der Awëllegung



## Ënnert dem Afloss vun den Emotiounen…

Dir wäert dës problematesch Situatioun mindestens eemol an Ärem Liewen als Elteren erliewen. Wann dat de Fall ass, dann **zwéngt Äert Kand net, een ze kussen, deen et net kusse wëll, och wann dës Persoun e Familljemember ass!** Dës Zwangslag ka vun Ärem Kand als sozial peinlech empfonnt ginn an e grousse Problem beim Léierprozess, wat Awëllegung bedeit.

Awëllegung ass net just eppes, wat Jugendlecher a jonk Erwuessener betrëfft. Et betrëfft och Kanner. Dofir ass et wichteg, him bäizebréngen, „Nee" ze soe bei Kussen oder Ëmaerblungen – och wann et sech ëm e Familljemember handelt.

## „Theoretesch" Repèren

Laut der WHO (Weltgesondheetsorganisatioun) solle Kanner scho mat 9 Joer léieren, wat Awëllegung bedeit.

Fir sexuell Gewalt ze bekämpfen, mussen d'Erwuessener vu muer, d. h. d'Kanner vun haut, dofir sensibiliséiert ginn, wat Awëllegung heescht – och wann et en abstrakte Begrëff fir si ass. Kanner ginn heiansdo duerch de Gruppeneffekt matgerass a musse léieren, wéi si en informéierten an opge-kläerte Choix, dee aus engem Wonsch an aus positive Gefiller eraus entsteet, huelen an erkennen. Well dëse Léierprozess bei all Persoun anescht ass, sollte d'Kanner schonn an engem jonken* Alter (mat ca. 4 Joer) fir d'Thema Awëllegung sensibiliséiert ginn. Dozou gehéiert och, „Nee" ze soen an ze wëssen, wann en aneren et seet – egal, ob bei gläichaltrege Kanner oder och Erwuessenen an Autoritéitspersounen (Elteren, Enseignanten/Enseignantinnen, Educateuren/ Erzéierinnen etc.).

**Sexuell Awëllegung** ass kee Gefill, mä **den Accord, deen ee sengem Partner* gëtt**, fir bei enger sexueller Aktivitéit matzemaachen.

Awëllegung bedeit:

- ze **wëssen, wat ee maache soll** (säi Kierper, seng Besoinen, seng Wënsch etc. kennen), an d'accord ze si fir matzemaachen (wann een un der Awëllegung vun der Persoun zweiwelt, da muss ee froen). Wann eng Persoun refuséiert, bei sexuellen Aktivitéite mat enger anerer Persoun matzemaachen, an dozou gezwonge gëtt, dann ass si net averstanen (keng Awëllegung).
- dass d'Persoun, déi bei der sexueller Aktivitéit matmécht, **dat kloer a fräiwëlleg seet.**
- Et handelt sech also ëm e **fräien, informéierten an opgekläerte Choix.** Eng Awëllegung, déi sech aus de Wierder oder dem Verhale vun enger anerer Persoun ergëtt, zielt net.
- eng Kontinuitéit (iwwer **d'ganz Dauer vun der Handlung**).

## D'Meenung vun den Experten/Expertinnen

Et ass leider ze spéit, réischt an der Pubertéit d'Thema Awëllegung (a Sexualitéit am Allgemengen) unzeschwätzen. Et ass wichteg, als Elteren – a ganz allgemeng als Erwuessenen – ze probéieren, esou fréi wéi méiglech e Vertrauensverhältnes an e „Gespréichsraum" ze schafen. Et kann ee scho ganz fréi mat Kanner iwwert de Kierper a Sexualitéit schwätzen an sech hirem Alter upassen.

Educatioun zum Thema Awëllegung ka fir Kanner e wichtege Schlëssel sinn, fir sech mat vill méi dramatesche Situatiounen auserneenzesetzen an dës ze verkraaften. Dofir ass et am beschten, jidderengem bäizebréngen, „Jo" an „Nee" ze soen an déi aner Persoun ëm hir Awëllegung ze bieden.



## Tipps a méiglech Reaktiounen

- Denkt drun, d'allgemeng Fiche Nr. 2 ze liesen.
- Insistéiert net, wann Äert Kand dem Monni mat dem pickege Baart kee Kuss wëll ginn. E Kand zu onerwënschtem Kierperkontakt ze zwéngen, ass net déi richteg Botschaft, wann et ëm d'Thema Awëllegung geet, a ka fir hatt e Widdersproch bedeiten.
- Fir fein ze sinn, kann een erklären, dass et wichteg ass, Moien ze soen, awer dass d'Kand seng Method wiele kann: e Kuss, eng Ëmäerblung, mam Kapp oder mat der Hand wénken, e Moien... Mat e bësse Pedagogie (Erklärungen) versteet den Entourage dann och d'Demarche (a wann net, dann tant pis fir déi aner!).
- Eng Méiglechkeet, Kanner fir d'Thema Awëllegung ze sensibiliséieren, ass, Geleeënheete wéi Wäschen an Undoen ze notzen, fir iwwert de Kierper ze schwätzen, déi verschidde Kierperdeeler haart ze benennen, oder d'Kand z'informéieren oder esouguer ëm seng Erlabnis ze froen (jee no Alter), ier een eppes mécht: „Kann ech dir elo de Penis wäschen?"
- Et sollt een net zécken a verschidde Sätz ëmmer nees widderhuelen: „Et ass däi Kierper. Du kanns ëmmer Nee soen."
- Sengem Kand säi Selbstwäertgefill z'entwéckelen, ass eng gutt Virbereedung, fir dass Kanner léieren, hir Awëllegung ze ginn. E gutt Selbstwäertgefill heescht, dass ee sech traut, „Jo" oder „Nee" ze soen. Wéi?
  - Andeems Dir Ärem Kand e Kompliment maacht.
  - Andeems Dir him hëlleft, eppes Guddes iwwert sech selwer ze soen.
  - Andeems Dir him hëlleft, seng Qualitéiten a seng Grenze kennenzeléieren.
  - Andeems Dir Ärem Kand sot: „Ech si frou mat dir", „Ech si stolz op dech", „Du kanns dat" etc.
  - Andeems Dir et encourageéiert: „Du wäerts et déi nächste Kéier besser maachen".
  - Andeems Dir als Erwuessene mat guddem Beispill virgitt.

## Hëllefsmëttelen

- D'Serie „Ma sexualité" vum Jocelyne Robert: D'Bicher si ganz gutt de verschiddenen Altersgruppen ugepasst (0 bis 6 Joer, 6 bis 9 Joer, 9 bis 11 Joer).
- Comic vum Élise Gravel: Le consentement expliqué aux enfants en BD **http://elisegravel.com/blog/consentement-explique-aux-enfants/**

**Hei eng kleng Bicherlëscht fir ze léieren, „Nee" ze soen:**

- Der Neinrich
- Das große und das kleine NEIN
- Ich bin stark und sag laut Nein
- Lass das – Nimm die Finger weg! Ein Comic für Mädchen und Jungen
- Ça suffit les bisous
- www.rockiemag.com/conseils-education-consentement-enfants-702?utm_source
- www.actualites.uqam.ca/2019/violences-sexuelles-et-consentement-des-capsules-videos-creees-par-des-ados?fbclid=IwAR3taKl8cXEc5GKZr1CMERXWCDc_1AB5ZYQQT7CQ7PPikGd1ojSYyV-8yvw
- www.apprendreaeduquer.fr/le-consentement-pour-les-enfants/
- Consent for kids: www.youtube.com/watch?v=h3nhM9UlJjc

Eng Bibliothéik mat Material, en nëtzleche Lexikon, eng Bibliographie, wichteg Adressen etc. Dir fannt all eis Hëllefsmëttelen an den „Annexe"-Fichen op dem Site **www.watantweren.lu**

planning familial